

## Enn Oktober 2021

### 30 Joer Gréiwemaacher Foussgängerzon a Monument fir de "Blannen Theis"

- **Zum Monument vum "Blannen Theis":**
  - Déi gelonge Skulptur gouf geschaf vum bekannte lëtzebuerger Sculpteur Wil LOFY (1937-2021) – Käschtepunkt: 5.000.000 lëtzebuerger Frang.
  - D'Plastik steet nieft der Parkierch, am Agank vun der Maacher Foussgängerzon.
  - D'Aweigung war de 26. Oktober 1991 a Präsenz vum Staatsminister Jacques Santer, dem Transportminister Robert Goebbels, dem Député-maire Norbert Konter, dem Dechen Emile Weyer a vun de Maacher kulturelle Veräiner, zesumme mat enger ganzer Partie Maacher BërgerInnen.
  - D'Lidd "De Blannen Theis" (E Gedicht vum Edmond de la Fontaine, alias Dicks (1823-1891), vertount am November 1990 vum Maacher Schoulmeeschter Johny Weis) gouf deemools eng éischte Kéier vun de "Muselfénklecher" gesongen.
  - De 25. Oktober 1991 war am Kulturhaus Pierre d'Osbourg:
    - De Vernissage vun der Ausstellung "Blannen Theis" (Foto-Club "Flash" Gréiwemaacher).
    - D'Virstellung vun där interessanter Broschür vum Jean Welter: "Auf den Spuren des 'Blannen Theis' – (Mathias Schou) 1947-1824)" duerch d'Monique Hermes.
  - Den 9. Dezember 1991 huet et geheescht: "Blannen Theis"-Owend am Centre culturel zu Maacher.
    - Virgestallt gouf de Portrait vum "Blannen Theis" als Faksimile, erausgi vun der Kulturkommissioun vu Gréiwemaacher.
  - Zënter 1991: rue Mathias Schou, dit Blannen Theis – nieft der Maacher Bréck, fir erof op d'Musel.
  - De Blannen Theis ass an der Muselmetropol ë. a. "opgetrueden":
    - Bei "Maacher Lieft!" 1995.
    - Bei "Maacher Fräiheet" 2002.
    - Beim historesche Fakelzuch "Maacher Lieft" 2014.

- Beim Zeenespill iwwer d'Maartrecht 2016.
- Beim "Maacher Fakelzuch reloaded" 2018.
- 2006: De Blannen Theis krut eng Plaz am Schoulbuch fir Lëtzebuergesch
- "Lies a Fléi 2" (Text: Monique Hermes)



Dem Wil Lofy seng Maquette an de Portrait vum Blannen Theis als Faksimile  
(Archiv Jean Welter a Gemengenarchiv Gréiwemaacher)



Ganz vill Leit waren de 26. Oktober 1991 bei der Aweiung vum Monument a vun der  
Foussgängerzon mat derbäi. (Foto: Luss Urwald)

- **Zur Maacher Foussgängerzon:**

- Si ass entstan tëscht 1984 an 1991 an e puer Etappen:
  - Prinzipiell Beschlossfaassung am Gemengerot vum 19.11.1984.
  - Definitive Vote: Enn 1985.
  - 1. Phas: Tréierer an Diddenhewener Strooss mat der Erneierung vun der Opfaart fir op d'Bréck: vu September 1986 bis Mee 1988.

Käschtepunkt fir d'Maacher Gemeng: 21,2 Milliounen Lëtzebuurger Frang.

- 2. Phas: Groussgaass mat engem Deel vun der Lëtzebuurger Strooss: vun Oktober 1989 bis Abrëll 1990.

Käschtepunkt fir d'Maacher Gemeng: 19 Milliounen Lëtzebuurger Frang.

- Architekt: Jean-Marie Kugener, an Zesummenaarbecht mat Ponts et Chaussées a mat dem Service technique vun der Maacher Gemeng.
- Entreprises Pierre Perrard, Lëtzebuerg an Delli Zotti, Beetebuerg.
- Beliichtung: Jean Steffes, Gréiwemaacher.

- De Sprangbuer um Prosteneek:

- Gebaut 1988, mat de "Kondschafter" vum Kënschtler Guy Charlier (\*1954) vun Tréier.

- Käschtepunkt fir d'Maacher Gemeng: 3,65 Milliounen Lëtzebuurger Frang.

- Architekt: Jean-Marie Kugener, an Zesummenaarbecht mat Ponts et Chaussées a mat dem Service technique vun der Maacher Gemeng.
- Entreprises Pierre Perrard, Lëtzebuerg an Delli Zotti, Beetebuerg.
- Beliichtung: Jean Steffes, Gréiwemaacher

D'Aweigung vun der Foussgängerzon war de 26. Oktober 1991 a Präsenz vum Staatsminister Jacques Santer, dem Transportminister Robert Goebbels, dem Député-maire Norbert Konter, dem Dechen Emile Weyer a vun de Maacher kulturelle Veräiner, zesumme mat enger ganzer Partie Maacher BërgerInnen.

**Zesummestellung: Monique Hermes, 12.10.21**

**ë. a. unhand vun Notize vum René Sertznig vum 20.09.1991.**



**D' "Kondschafter" vum Guy Charlier um Buer um Prosteneek. (Foto: Alain Goedert)**